# Gedenksteen « Victor Hugo » : D'Affär vum Steen

Dräi Placken krute mer am Juli an de Grapp gedréckt. Zwou sollten op der « Cosmanns-Bréck » opgehaange ginn. Déi sollt ëmgedeeft ginn an elo « Pont Victor Hugo » heeschen. Déi drëtt Plack sollt dann iergendwou zu Wis opgeaanhg ginn, fir un den openthalt vum Victor Hugo viru méi wéi honnert Joer (1871) zu Wis am « Hôtel de Paris » ze erënneren. Mir sollten eng Plaz dofir fannen.

Déi éischt Idee, se op engem Steen op der Gare unzeman, ass zu Munnerëf op wéineg Enthousiasmus gestouss.

Zweet Alternativ : ënnert dem Schëld vun der « Rue Victor Hugo » op dem « Café Relais d'Altwies ». Déi Idee gët vun eisem Comité net fir gutt befond.

Grad esou wéi déi drëtt Méiglechkeet : d'Festmaachen um Fiels, op deem d'Kierch steet.

E Beschloss vum Comité (12.09.1985) hält fest, dass déi Plack awer op e Steen soll kommen. Opgeriicht ginn soll dee Steen op der Plaz bei der Gare.

Nodeems mir eis dann ëmfrot haten bei « Ponts et Chaussées » zu Réimech. gi mir gewuer, dass déi néideg Autorisatiounen eréischt no 6 bis 8 Wochen (wann alles glat geet) erdeelt kënne ginn.

Doropshinn beschléisse mer, de Steen dëst Joer net méi opzeriichten, mä fir d'éischt déi néideg Autorisatiounen unzefroen.

Coup de théâtre : e puer Deeg duerno sinn d'Gemengenaarbechter ënnert der Leedung vun hirem Chef Weicker René am Gaang, e Lach auszehiewen, fir de Steen ze setzen.

Op Ufro hinn soen d'Aarbechter eis, d'Gemeng géif d'Opriichte vum Steen iwwerhuelen an och de Steen eraussichen.

Da brauche mir jo keng Demande eranzeschécken, war eisen éischte Gedanken.

Spéider stellt sech dann eraus, dass vum Schefferot kee Mënsch Bescheed weess, dass de Steen opgeriicht gouf. Doropshinn : groussen Tralala !

Dee Steen muss eweg, mengen déi eng. Dee Steen ass tipptopp, dee steet gutt do, deen hëlt kee méi eweg, ass eng aner Meenung.

Eenzel Leit (Direkter vum Staatsbad) distanzéieren sech offiziell vun deem Steen. Anerer si queesch (Här Guersing) : « Lo ass alles zu Wis ! »

An enger Drénglechkeetssëtzung vum Organisatiounscomité gët da beschloss : « D'Wiisser Leit » iwwerhuelen d' »Vaterschaft » vum Projet a froe bei der Gemeng unn, si soll déi néideg Autorisatiounen verschafen, fir d 'Installatioun vum Steen legal ze erméiglechen. Uff !

Ageweit gouf de Gedenksteen dann den 12.10.1985. Ausféierlech Reportagen iwwert déi ganz Feierlechkeeten vun deem Anniversaire waren an der Press (Luxemburger Wort 14.12.1985).